# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

FEBRUAR - MÄERZ 2025



## BUERGBRENNEN AN DER PÉITENGER GEMENG



**Edito** 3
*Gutt Virsätz fir d'Joer 2025*

**Aktioun Päiperlek 2025** 4

**Et si vous vous engagiez aux côtés de votre commune pour promouvoir le photovoltaïque ?** 5

**AGENDA** 6

**Wat war lass?** 10

**Rentnerfeier** 14

**Mérite sportif - Mérite culturel** 16

**Eng Ära ass op en Enn gaangen** 22

**Mir gratuléieren** 24

**D'Gemeng informéiert** 25
*Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?*
*RPL-TV*
*Nei Mataarbechter*
*RADIO Péiteng on Air*

**Leichte Sprache - Wie melde ich meinen Hund bei der Gemeinde an?** 26

**68e Cavalcade à Pétange** 28

# IMPRESSUM

**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 1 • L-4701 Pétange
Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**
Service Culture et Communications

**Photos :**
Service Culture et Communications, Laurent Blum et Adobe Stock

**Mise en page & impression :**
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier 100% recyclé,
paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Février - Mars 2025

ISSN 1993-0070

# Gutt Virsätz fir d'Joer 2025

Wéi vill hunn sech nei Virsätz geholl? Manner ze drénken, manner z'iessen, net méi ze fëmmen, eng Schlankheetskuer unzefänken, méi Sport, méi Fitness ze maachen, asw. Mol geet et gutt, mol geet et net, wichteg awer ass d'Motivatioun.

Dat gëllt och fir dat neit Joer 2025. D'Welt dréint weider a mir dréine mat. Well Problemer an Erausfuerderungen dréinen och all Joer mat. Mir mussen eis erëm fannen; dat ass esou fir jidder eenzelnen, dat gëllt och fir eis Gemeng.

Mir hu vill wëlles, wann een eis Budgetsdiskussioune verfollegt huet. Mir hunn am ordinäre Budget 118,9 Mio Recetten an 81,5 Mio Ausgaben, een Iwwerschoss vu 37,4 Mio. Eis Gemengeschold geet op 14 € pro Awunner erof, an eis Budgetsreservë ginn op 28,5 Mio erop. Mir behale genuch finanzielle Spillraum fir eis Ambitiounen ëmzesetzen, an dat mat eise Bierger am Mëttelpunkt.

### Méi Liewensqualitéit fir eis all.

Wéi kënne mir déi erreechen? Duerch eng modern a performant Verwaltung an neien zousätzleche Raimlechkeeten. Mat neie Servicer ewéi Facturatioun, Patrimoine a Logement, modern Archiven avm. sollen déi administrativ Weeër fir eis Matbierger kuerz gehale ginn.

Duerch eng besser Mobilitéit fir Auto a Vëlo, d'Verkéiersberouegung op eise Stroossen, nei Vëlosweeër, en optimale Stationéierungs- a Parksystem fir Autoen a Camionnetten, an duerch d'Eraushuele vun den Tankstellen aus den Uertschaften.

Awer och duerch méi Grings am Alldag, méi Gréngflächen z.B. am Rodanger Zentrum, e Konzept fir méi Schied op der Gemengeplaz ze kréien an eng ökologesch Opwäertung ewéi z.B. zu Rolleng beim Kierfecht.

Duerch eng modern Ëmweltpolitik: Stéchwuert Photovoltaïk oder kleng Wandrieder.

Dozou gehéiert och eng gutt Drénk- an Ofwaasserpolitik mat Aarbechten um Drénkwaassernetz, awer och duerch Moossname géint Iwwerschwemmungen. Dozou gehéieren och Subside fir privat Moossnamen an deem Beräich. Mir mussen der Klimaännerung duerch eng modern Waasserpolitik gerecht ginn.

D'Kultur bleift op engem héichen Niveau ewéi z.B. d'Kavalkad, den Niklosmaart, den Afterwork, de Foodfestival. E Chrëschtmaart op der Rollenger Millen, e Festival mat elektronescher Musek bei der Eil zu Rodange oder e spueneschen Owend an en Gin Festival am Fond-de-Gras.

Den Tourismus dréit och vill zum Erscheinungsbild vun eiser Gemeng bei. Stéchwierder sinn hei déi neigemaache Piko, dee geplangte Musée du Son zu Rolleng, oder de Saunaberäich am Doihl. Mir ënnerstëtzen och 2 weider Projeten mat touristeschem Interesse: den CFL Musée zu Péiteng an de JUFA Hotel am Doihl.

D'Bierger brauche Sécherheet. Dat geschitt iwwer en neie Sécherheetsplang an d'Gemeng mécht alles fir datt an e puer Joer en neie Police-Kommissariat entsteet. Eis Equipe vun 8 „Agents municipaux" suergt fir méi Uerdnung a Sécherheet am ëffentleche Raum. An och e Pedibus-Konzept soll eise Schüler zegutt kommen.


Dat si vill Erausfuerderungen, deene mir eis musse stellen. Wa mir all eist Bescht maachen, da klappt dat och, well zesumme si mir staark!

Alles Guddes am neie Joer!

Jean-Marie HALSDORF
*Buergermeeschter*
*vun der Gemeng Péiteng*




# AKTIOUN PÄIPERLEK 2025



GRATISPAKET MIT SCHMETTERLINGSSTAUDEN
FÜR IHREN GARTEN!

Im Rahmen der **Aktioun Päiperlek** hat SICONA sechs Stauden aus biologischem Anbau ausgewählt, die einen besonderen Wert als Nektarpflanzen für Schmetterlinge und andere Insekten haben. Sie können diese Pflanzen **ab dem 1. April 2025** als gratis Staudenpaket auf **www.sicona.lu** reservieren. Achtung: die Staudenpakete sind begrenzt - **first come, first served**! Die Verteilung der Pakete übernimmt Ihre Gemeinde.




DIESES BEET KÖNNTE EINEN PLATZ
IN IHREM GARTEN FINDEN!

**ACHTUNG:** Dieses Angebot richtet sich nur an die Bewohner der **SICONA-Mitgliedsgemeinden.** Bei Restbeständen können auch Bewohner aus Nichtmitgliedsgemeinden das Paket gegen Bezahlung erhalten.


# Et si vous vous engagiez aux côtés de votre commune pour promouvoir le photovoltaïque ?

Dans le cadre du programme Pacte Climat, Klima-Agence a invité les communes luxembourgeoises à participer au concours Solar Challenge pour encourager le développement des infrastructures solaires sur leur territoire.

**Comment votre commune peut-elle relever le défi Solar Challenge ? 4 possibilités de participation**




**1.** Augmentation des installations solaires





**2.** Augmentation de la puissance photovoltaïque installée dans chaque commune

Solar Challenge




**3.** Augmentation de la puissance installée par rapport au potentiel solaire de la commune



**4.** Sensibilisation et promotion des résidents aux enjeux de l'énergie solaire

**Comment pouvez-vous vous engager en tant que citoyen ou entreprise implantée sur la commune ?**

- Installez des panneaux photovoltaïques sur votre maison ou entreprise.
- Inspirez vos voisins et collègues en partageant vos expériences solaires.
- En tant qu'entreprise, vous pouvez investir dans des projets solaires, promouvoir des pratiques durables auprès de vos employés et clients, ou collaborer avec la commune pour développer des solutions innovantes.

Pour plus d'informations consultez kpb.lu.

*Chaque geste compte pour construire ensemble un avenir plus durable !*



Et pour vous accompagner dans votre projet d'installation de panneaux solaires et connaitre les aides dont vous pouvez bénéficier, **contactez votre conseiller Klima-Agence au T 8002 11 90.**

**Ma commune s'engage pour le solaire**

# AGENDA
## Février - Mars

### PABEIERSAMMLUNG AN DER GEMENG PÉITENG

**TOUR 1: DEN 08.02. AN 01.03.**
**TOUR 2: DEN 14.02. A 14.03.**
**TOUR 3: DEN 21.02. AN 21.03.**



**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!**

**D'Pabeierpäck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten ageweckelt sinn!**

Org.: Gemeng Péiteng

### 17.02. a 10.03. a 31.03.
### BICHERBUS

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner: https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

### 01.02.
### PENALTY BAL

Lamadelaine – Fräizäitzenter

vun 21.00 bis 03.00 Auer

Entrée: 5€

Org.: Union Titus Pétange asbl

### Ausstellung - Exposition
### KULTURHAUS A ROUSEN

place du Marché zu Péiteng

### HILDA RAFFAELLI
### 01.02. a 02.02.

de 14h00 à 18h00 · Entrée libre

Org.: Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

### 01.02. a 02.02.
### FLOUMAART

Rodange - Centre culturel

à 10h00

Entrée libre

Org.: Amiperas Gemeng Péiteng

### 04.02.
### FORMATIOUN DIGITALT WANDEREN

Péiteng – Kulturhaus 'A Rousen'

um 19.30 Auer

Gratis fir Awunner aus de Kordall Gemengen a Memberen

Umeldung obligatoresch: informatiounen@kordallwalkers.lu

Org.: Kordall Walkers

### 06.02.
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

Pétange
Maison de la culture 'A Rousen'

de 19h30 à 22h00

Entrée libre

Org.: Les Amis de l'Histoire de la commune de Pétange

### 07.02.
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

Rodange - Centre culturel

à 19h00

Entrée libre

Org.: Déi Gréng Péiteng

### 15.02.
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

Rodange – Centre culturel

de 15h00 à 18h00

Entrée libre

Org.: Amis des Lépreux de Rodange


### 21.02.
### CONFÉRENCE SUR LA RÉFORME DES PENSIONS

Pétange
Maison de la culture 'A Rousen'

à 19h00

Entrée libre

Org.: OGBL Kordall









**23.02.**
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange
Maison de la culture 'A Rousen'
à 15h00
Entrée libre
Org.: Coin de Terre et du Foyer Pétange

**27.02.**
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange
Maison de la culture 'A Rousen'
à 17h00
Entrée libre
Org.: Retro Cars Péiteng

**02.03.**
## KANNERFUESBAL
Lamadelaine – Fräizäitzenter
um 14.00 Auer
Fräien Entrée
Org.: Coin de Terre et du Foyer Lamadelaine

**07.03.**
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange – Home St Hubert
de 20h00 à 22h00
Entrée libre
Org.: Chorale Ste-Cécile Pétange







**06.03.**
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Rodange – Centre culturel
de 16h00 à 18h00
Entrée libre
Org.: Fraen a Mammen - Jeunes mamans Rodange

**07.03.**
## REMISE DE LA CLEF
Pétange- Hôtel de Ville
à 19h00
Entrée libre
Org.: AAPPCP & KaGePe

**09.03.**
## BAZAR INTERNATIONAL FRAENDAG
Rodange - Centre Culturel
de 10h00 à 22h00
Entrée libre
Org.: Union des Femmes Luxembourgeoises

**12.03.**
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange
Maison de la culture 'A Rousen'
de 19h00 à 20h30
Entrée libre
Org.: Les Amis des jumelages de la commune de Pétange asbl

**09.03.**
## BUERGBRENNEN OP DER DÄNNEKNIPCHEN
Rodange - Nidderréideng
à partir de 14h00 petite restauration.
Animation musicale, ambiance garantie, chapiteau chauffé, cadre unique
Org.: Amicale Nidderréidéng Rodange




## ZU LAMADELAINE
ab 16 Auer beim Centre de Loisirs Lamadelaine
Um 19.15 Auer geet e Fakelzuch vum Centre de Loisirs bei d'Kräitz um Routreis
Org.: Amicale des pompiers du Centre d'Incendie et de Secours Pétange







## 14.03. a 15.03.
## THEATEROWEND

Rideau ass um 19:30
am Home St Hubert

Entrée ass
10€ fir Erwuessener,
5€ fir Kanner

Org.: Lëtzebuerger Guiden
a Scouten HI. Franz
Assisi Péiteng

## Ausstellung - Exposition
## KULTURHAUS A ROUSEN

place du Marché zu Péiteng

## CARMEN ZEIMET
## 21.03., 22.03. a 23.03.

de 14h00 à 18h00

Entrée libre

Org.: Syndicat d'Initiative
et de Tourisme de la
Commune de Pétange

## WAX

2, rue d'Athus · L-4710 Pétange

### 13.02.
### JOS PLETSCHET & FRIENDS

Sall um Späicher
Ufank: 20.00 Auer

Entrée: 15€

Reservatiounen
iwwer info@konschtmillen.lu

Org.: Konscht-Millen asbl

### 08.03.
### DE CABARET BATTER SÉISS PRESENTÉIERT: SÄI CABARET 'S-OWEND 2025 DAT KANN DACH NET SINN!

Sall um Späicher
Ufank: 20.00 Auer

Entrée: 15€

Reservatiounen
iwwer info@konschtmillen.lu

Org.: Konscht-Millen asbl

## 16.03.
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

Pétange
Maison de la culture 'A Rousen'

de 11h00 à 12h00

Entrée libre

Org.: PéitengOnAir - Radio Tele
Gemeng Péiteng

## 24.03.
## GRAND MARCHÉ

Pétange - Place J.F. Kennedy

de 8h00 à 18h00

Entrée libre

Org.: Association des profession-
nels des foires et marchés asbl

## 29.03.
## BAL POUR ENFANTS

Pétange - grand chapiteau chauffé
à la place J.F. Kennedy

à 14h11

Entrée libre

Org.: KaGePe

## 03.04.
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

Pétange
Maison de la culture 'A Rousen'

à 18h30

Entrée libre

Org.: déi Lénk Section Pétange




## Was ist los in Schiffweiler?

### Redener Lightnight

## 14.02 – MAKER BAR

von 18.00 bis 23.00 Uhr

## 15.02 – DIY & MAKER-FESTIVAL

von 13.00 bis 23.00 Uhr

## 16.03 – DIY & MAKER-FESTIVAL

von 10.00 bis 18.00 Uhr

Infos auf
www.schiffweiler.de/aktuelles-veranstaltungen/meldungen/

CLUB KORDALL AKTIV

**27-29, rue Michel Rodange**
**L-4660 Differdange**

**Umeldungen an Aschreiwungen**
**Iwwer Tel. +352 26 58 06 60**

**Iwwerweisung vun de Rechnungen**
**op de Konto CCPLLULL**
**LU91 1111 1007 2640 0000**

## Wat ass eise Club?

Eise Club ass en Treffpunkt fir eeler Leit, awer och dei méi jonk si gäre wëllkomm.

Bei eis hutt där d'Méiglechkeet nei Leit kennen ze léieren, nei Erfarungen ze sammelen, u verschidden Aktivitéiten deel ze huelen oder lech kierperlech a geeschteg fit ze halen.

Mer bidden eng Rei vun interessanten Aktivitéiten un:

• Geselleg Nomëtteger • Fräizäitaktivitéiten a Sportofferen
• Kulturell Ausflich • Berodung an Informatioun
• Weiderbildung a Life-Long-Learning
• Organisatioun vu sozialen a multikulturellen Projet'en

## Wou fannt Dir eise Club?

**CLUB KORDALL AKTIV**
27-29, rue Michel Rodange
L-4660 DIFFERDANGE

Adresse postale:
B.P. 27 · L-4501 DIFFERDANGE


Tél. : 26 58 06 60
GSM : 691 580 610
info.kordallaktiv@differdange.lu
Club Senior Prenzebierg
www.clubprenzebierg.lu

**Plus d'infos sur nos activités avec ce code QR**

### Ëffnungszäiten

| | |
|---|---|
| Méindes | 13.00 bis 17.00 Auer |
| Dënschdes | 09.00 bis 17.00 Auer |
| Mëttwochs | 09.00 bis 13.00 Auer |
| Donneschdes | 09.00 bis 17.00 Auer |
| Freides | 09.00 bis 13.00 Auer |

Telefonesch si mer vun méindes bis freides vun 9.00 bis 17.00 Auer ze erreechen.




## AGENDA vum CLUB KORDALL AKTIV

### 13.02.
### Smart-Talk, WEB-Banking

Conférence de la commune de Differdange et « Golden » sur le « Phishing » et infos sur les démarches bancaires en ligne avec la participation de 2 instituts bancaires

**Début : 14h00 au « Aalt Stadhaus » à Differdange · Entrée gratuite**

### 18.02.
### Visitt vun der Schifergrouf zu Maarteleng

D'Geschicht vum Ofbau vum Schifer hautno materliewen op enger geféierter Visit ënner Dag. Den Highlight ass d'Descente vun 150 Trapen déif an de Bierg eran. Et sinn am Ganzen 350 Trapen a verschidde kleng Etappen ze goen. Opgepasst! Fest a gutt Schung esouwéi ugepasste Kleeder sinn hei noutwendeg.

**Rendez-vous: um 7.20 Auer um Parking Plateau des Hauts Fourneaux zu Déifferdeng**
**Präis: 55€ ouni Iessen**

### 14.02. / 14.03. / 18.04.
### Zoppenatelier am Club Kordall Aktiv

Zesumme kachen, eppes Neies léieren, Tipps an Tricks mat aneren deelen, vill poteren a virun allem gutt maufelen. Dat gehéiert alles an dësen Atelier.

**Ufank: ëmmer um 10 Auer**
**Präis: 15€ pro Atelier**

### 05.04.
### Visite vu Cochem (D)

E flotten Dag op der däitscher Musel. Um Programm stinn ë.a. eng Bootstour an e puer Stonne fir dës Stiedchen z'entdecken.

**Rendez-vous: um 7.30 Auer um Parking vum Péitenger Sportzentrum Bim Diederich.**
**Retour um 16.30 Auer.**
**Präis: 52€ fir de Bus an d'Bootstour. D'Iessen ass op der Plaz ze bezuelen.**

# Wat war lass?

**29.11.2024** - *Auf einen Freundschaftsbesuch in ihre Partnergemeinde Petingen hatten sich der neue Bürgermeister der Gemeinde Schiffweiler, Cedric Jochum, sowie Gemeinderat Horst Joachim Krummenauer angemeldet. Zusammen mit dem Schöffenrat aus Petingen stand zunächst eine kurze Hop-on-Hop-off-Tour auf dem Programm, gefolgt von einem Mittagessen sowie einem Gedankenaustasch.*











**6.12.2024** - *D'Chrëschtzäit ass eng Zäit, wou een sech wënscht, datt et jidderengem gutt geet. Et ass och eng Zäit, wou mir een deem aneren eppes schenken. Besonnesch wéi deet, an dëser Zäit ze gesinn, datt et Kanner ginn, déi mat eidelen Hänn do stinn. TAM TAM WHITE & FRIENDS, en Team ronderëm de Steve Schneider, sammelt zënter 2015 Donen, mat deenen si Kanner aus Familljen, déi finanziell net gutt dru sinn, e Kaddo maachen. Dëse sichen d'Kanner sech selwer eraus, esou datt si och dat kréien, wat si sech wënschen. D'Kanner aus der Maison Relais „Bei de Bujellien" zu Rodange hu viru kuerzem e Scheck iwwer 1.000€ un d'Associatioun iwwerreecht an hunn esou aktiv dozou bäigedroen, datt eng ganz Rëtsch Kaddoe kënne kaf ginn. E super Geste, fir deen si e grousse Merci verdéngt hunn!*



**7.12.2024** - *Samschdes de 7. Dezember goung et dës Kéier zu Lamadelaine am Centre de Loisirs héich hier. Fir de Rock the South haten sech dëst Joer d'Museksgruppen „Fulvous", „Break the Aviary", „Viktoria", „March to the Tombs" fir de Concours ugemellt an hu viru Publikum hir Performance zum Beschte ze ginn. Headliner vum Owend war de Grupp „Sharpshooter", an och d'Gewënner vum leschte Joer, „Invigora", waren op der Plaz an hu fir gutt Stëmmung gesuergt. De Jury huet schlussendlech déi schwéier Entscheedung geholl an de Gewënner annoncéiert. Dëst Joer goung den 1. Präis u „Fulvous". Net nëmmen d'Musiker, och d'Musekfans, déi de Wee an de Centre de Loisirs fonnt haten, ware méi wéi zefridde mat dësem gelongenen Owend.*











**10.12.2024** - *Et war nees eng ganz stëmmungsvoll Auditioun, déi e puer Woche viru Chrëschtdag vun der Péitenger Museksschoul am LMA organiséiert gouf. D'Musikanten, déi hiert Kënnen hei eemol méi ënner Bewäis gestallt hunn, krute fir hiren Optrëtt vill Applaus vun den Nolauschterer am Sall. E flotten Owend, dee mat häerzlechem Applaus op en Enn gaangen ass an der Iwwerzeegung, dass Musek eng universell Sprooch ass, déi Leit vun iwwerall zesummebréngt.*















**17.12.2024** - *Zesummen hu Vertrieder aus de Gemenge Péiteng an Déifferdeng mat Kanner aus de Maison Relaisen esouwéi dem Fierschter a senger Equipe d'Campagne „Love Nature" am Bësch beim Roudenhaff lancéiert. Eng originell Manéier fir d'Natur z'entdecken an sech ze beweegen. 8 artistesch Installatioune goufe vun de Kanner geschaf, déi op je 4 Plazen an der Gemeng Péiteng an an der Gemeng Déifferdeng opgestallt gi sinn.*





**17.12.2024** - *80 Joer si vergaangen, zënter am Norde vun eisem Land an och an de belschen Ardennen déi grouss Rundstedt-Offensiv vum Nazi-Regime lancéiert gouf. De Sall am Kulturhaus „A Rouse" war gutt gefëllt ewéi den Erny Kohn, en Expert vun dëser tragescher Episod aus dem Zweete Weltkrich, d'Ereegnisser erläutert huet.*







# RENTNERFEIER



**18.12.2024** - *Vill Animatioun, Musek a Gepoters stoungen um Programm vun der Rentnerfeier am Sportzentrum Bim Diederich, fir déi sech méi wéi 500 Leit aus deenen 3 Uertschaften afonnt hate fir e flotten Nomëtteg mateneen ze verbréngen. Um Programm stoungen natierlech Chrëschtlidder, Akrobatie an eng Show fir d'Laachmuskelen ze strapazéieren. E flotte Wandjang-Boxemännchen, e gudde Pättchen an e schéine Kaddo fir d'Leit am Sall hunn dann och zum Erfolleg vum Nomëtteg bäigedroen.*








KETRON






# MERITE SPORTIF -



**19.12.2024** - *Ewéi all Joer goufen och 2024 Matbierger a Sportler op der „Journée des Méritants" fir hiren Engagement am Interesse vun eiser Gemeng geéiert. Am Mëttelpunkt stoung natierlech dann och d'Iwwerreechung vum Mérite sportif a vum Mérite culturel. De Camille Gira, ehemolegen Handballer, krut fir seng sportlech Carrière de „Mérite sportif" iwwerdeems den Norbert Campagna de „Mérite culturel" krut. D'Liewen an den Engagement vun hinne goufe jeweils an enger Laudatio ervirgehoff. Och eng ganz Rei Memberen aus de Lokalveräiner, déi sech am Kader vun hirer Aktivitéit staark asetzen - zum Deel schonn iwwer laang Joren a Jorzéngten -, kruten als Merci eng Medail fir dëse groussen Asaz, deen net esou selbstverständlech ass.*











# - MERITE CULTUREL













**17.12.2024** - *„Parajanov the Magnificient", esou housch den Titel vun enger ganz besonnescher Ausstellung am Kulturhaus zu Péiteng. A Kooperatioun mat der armeenescher Botschaft an am Kader vum 100. Gebuertsdag vum Kënschtler goufen eng ganz Rei Biller ausgestallt, déi dem Kënschtler seng eenzegaarteg Interpretatioun gutt an Zeen sëtzen. Gläichzäiteg gouf et eng interessant Prouf vun armeenesche Wäiner.*

**20.12.2024** - *Wéi et schon Traditioun ass, ginn all Joer am Dezember nom leschte Gemengerot a Präsenz vum Schäffen- a Gemengerot verdéngschtvoll Mataarbechter vun der Gemeng op en Owesiessen invitéiert, wou si geéiert ginn. D'Mataarbechter, déi zënter 20 Joer am Déngscht vun der Gemeng stinn, grad esouwéi déi, déi am Laf vum Joer 2024 an d'Pensioun gaange sinn, hunn e Kaddo an der Form vun engem Bong iwwerreecht kritt. Den Éierebuergermeeschter Pierre Mellina krut och eng Unerkennung fir säi laangjähregen Asaz als „Leader" vun der Gemeng.*











**21.12.2024** - *Den 21. Dezember goufen déi Schüler a Studente belount, déi eng Demande eragereecht hate fir d'Enn vun hirer Formatioun respektiv fir den erfollegräichen Ofschloss vum Schouljoer. Am ganze koumen 2218 Ufroen eran. Fir hiren Erfolleg ze éieren hat déi Péitenger Gemeng op e klengen Empfang an d'Kulturhaus A Rousen op Péiteng agelueden, fir déi sech en Deel vun de Laureaten ugemellt haten.*
























# CYCLOCROSS - 01.01.2025


















Fotoen: ©Val Wagner

# SENIORIE ST. JOSEPH







**14.01.2025** - *An der Seniorie St. Joseph zu Péiteng haten sech Memberen aus dem Schäffenrot vu Péiteng afonnt fir de Pensionären hir Neijoerschwënsch z'iwwerbréngen. Eng gutt Geleeënheet fir e puer Wuert mateneen ze schwätzen an ze gecksen. Mat eidelen Hänn kommen d'Politiker awer ni heihinner, an esou kruten d'Leit och dëst Joer alleguer e flotte Kaddo fir 2025 gutt unzefänken.*







# EngÄra ass op en Enn gaangen



Den 10. Juni 2024 ass eng politesch Carrière vun iwwer 30 Joer an der Gemengepolitik – mat engem kuerzen Ofstiecher als Deputéierten an der Chamber - op en Enn gaangen. 391 Gemengerotssëtzungen huet hie matgemaach, dovunner 245 als Buergermeeschter. Eng Leeschtung, déi hiresgläiche sicht. An dozou koumen nach déi vill Stonnen, déi hien als kommunale Vertrieder a Syndikater a Verwaltungsréit souz.

Virun engem gudden hallwe Joer war et dann esou wäit: De Pierre Mellina, zënter 1994 ouni Ënnerbriechung am Gemengerot, duerno am Schäfferot a vun 2004 bis 2023 als Buergermeeschter vun der Péitenger Gemeng, huet e Schlussstréch gezunn. D'Gemengerotssëtzung vum 10. Juni war dann och seng lescht.

Hie koum 1967 duerch d'Aarbecht vu sengem Papp, dee Chef de Gare war, an d'Gemeng, wou hien deemools de Jean-Marie Halsdorf kennegeléiert huet an deen och haut nach säi gudde Frënd ass. Esouwuel um politeschen ewéi um perséinleche Plang.

De Pierre Mellina bezeechent sech gären als Zuelemënsch, wat och d'Beleegschaft an der Gemeng sécher esou gesäit. Mat him iwwer Zuelen ze debattéieren oder ze feilschen, dat war ni eng einfach Ugeleeënheet. Mee déi gutt finanziell Situatioun vun der Péitenger Gemeng gëtt him am Réckbléck Recht.

### Héichpunkte vun enger Carrière

Ganz besonnesch Momenter goufen et der och en etlech. Dozou hunn och ganz sécher d'Visitte vu Gäscht gezielt, déi vläicht net perséinlech, awer duerch hir Virfahre mat eiser Gemeng verbonne sinn. Dat war z.B. d'Famill vum Hyman Josefson - den éischten amerikaneschen Zaldot, deen op Lëtzebuerger Buedem gefall ass - déi schonn e puer Mol fir den 9. September aus Amerika ugereest war fir un de Libertiounsfeierlechkeeten deel ze huelen. Bei dëser Geleeënheet waren och de Grand-Duc Jean esouwéi de Grand-Duc Henri respektiv e Member vun der groussherzoglecher Famill mat derbäi.

Eng weider Visitt, déi ënner d'Haut goung war déi vum Sergeant Charles Moat senger Duechter, engem franséischen Zaldot, deen den 1. Dag vum 2. Weltkrich säi Liewe verluer huet. Dëse Leit ze begéine war e Privileeg, eng grouss Éier.

E ganz besonneschen Héichpunkt war sécherlech d'Ausstellung iwwer den Zweete Weltkrich am Joer 2019, eng Ausstellung, déi fir de 75. Joresdag vun der Liberatioun realiséiert gouf. Jo, et war wuel e lokalen Highlight, deen awer landeswäit fir Interesse gesuergt huet.

Och d'Visitte vun auslännesche Botschafter oder Frëndschaftsvisitte waren ëmmer eng gutt Geleeënheet, sech auszetauschen, Kontakter ze kréien an och ze fleegen. Zu de Gäscht hunn ë.a. d'Vertrieder aus









Amerika, England, der Belsch oder och nach Däitschland gehéiert.

Deen trageschsten „Héichpunkt“ war a bleift awer den Tornado am Joer 2019, deen an de Gemenge Péiteng a Käerjeng ganz vill Schued ugeriicht huet. Et waren net déi materiell Schied, déi de Pierre Mellina beweegt hunn, mee dat mënschlecht Leed derhannert. De Schock vun deene Betraffenen, hiert Liewen, dat op eemol op der Kipp stoung. Esou schlëmm dës Naturkatastroph war, si war awer gläichzäiteg d’Stonn vun der Solidaritéit, vun der Hëllef, vum Zesummenhalt ënner de Bierger an och mat der Gemeng.

An der laanger Lëscht u Projeten, déi a senger Amtszäit realiséiert goufen, waren e puer ganz spezieller derbäi, déi hie ganz gär begleet huet. Hei kann een d’Annexe vum Stadhaus, de Centre WAX, d’Gemengenatelieren oder och nach de QT esouwéi de Sportzenter Bim Diederich zu Péiteng zielen.

Zu Rodange wieren de PiKo, d’Sportshal an déi nei Tribün vum Stade Jos. Philippart ze ernimmen.





Lamadelaine stécht ervir duerch d’Renovatioun vun dem Schoulgebai Tëtelbierg an d’Haus „An der Uecht“ oder de Lotissement „An Atzéngen“. Net ze vergiessen déi vill Investissementer an d’Maison Relaisen an deenen 3 Uertschaften.

Jo, et géif nach esou vill z’erzielen, z’ernimmen, opzelëschten an ze weisen, well eng méi wéi 30 Joer laang Carrière an e puer Wierder zesummenzefaassen, dat ass eng Saach vun der Onméiglechkeet. Wat een awer sécher ka soen, dat ass, datt fir de Pierre Mellina elo méi roueg Zäiten ubriechen, déi hien an der Famill genéisse kann. An et ginn esou vill Fester an der Gemeng, datt een hie bestëmmt nach déi eng oder aner Kéier begéine wäert.

# Mir gratuléieren!



Enn Dezember gouf d'Madamm **Hélène Martin-Rauen** gouf 90 Joer jonk. Dëse ronne Gebuertsdag huet si zu Péiteng an der Seniorie St Joseph gefeiert, wou si elo doheem ass. Ëmgi vu Familljememberen huet si och déi beschte Wënsch vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale vun der Seniorie a vu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot, déi hir e schéine Kaddo matbruecht haten, entgéintgeholl.

Ëmgi vu Pensionären esouwéi vu Vertrieder vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale an och vum Schäfferot krut d'Madamm **Anni Bettendorf-Thill** fir hiren 90. Gebuertsdag eng schéi Corbeille vun de Péitenger Gemengevertrieder iwwerreecht, wou si allerlee ze schmaache wäert hunn. Nodeems, wéi d'Traditioun dat wëll, hir d'Gléckwënsch och nach eng Kéier musikalesch iwwerbruecht goufen, stoung dunn den obligate Patt um Programm.





An der Seniorie St Joseph zu Péiteng housch et nees eng Kéier „Happy Birthday" wéi d'Madamm **Agnes Felgen-Seiwert** hiren 90. Gebuertsdag gefeiert huet. Ëmgi vu Familljememberen huet si d'Gléckwënsch vu Vertrieder vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale an och vum Schäfferot, deen si mat enger gutt gefëllter Corbeille iwwerrascht huet, entgéintgeholl. Uschléissend goufen et selbstverständlech e klenge Ständchen an e Pättchen zu hiren Éieren.

Och d'Madamm **Julie Nilles – Massard** war ganz houfreg fir hier 90 Joer an der Seniorie ze feieren. E ronne Gebuertsdag, fir deen si e klenge Ständche krut vun de Vertrieder vun der Direktioun, der Amicale an dem Fleegepersonal vun der Seniorie mat der Ënnerstëtzung vu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot. E flotte Kaddo vun der Gemeng an e gudde Patt hunn dës Feier ofgerënnt.



# Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?

*Wësst Dir wat fir e Gebai op der Foto ass?*
*Test Är Kenntnisser a gewannt e flott Buch!*

**An esou geet et:** Schéckt eis Är Äntwert (de ganzen Numm an d'Adress w.e.g.) eran, a mat e bësse Chance sidd Dir ee vun eisen 3 Gewënner déi an der nächster Editioun veröffentlecht ginn! Vill Spaass beim Roden!

**Mailt eis Är Äntwert** eran op concours@petange.lu oder schéckt eis se per Post op dës Adress:

SERVICE CULTURE ET COMMUNICATIONS
2, Place du Marché - L-4756 PÉITENG

## Opléisung vun der leschter Editioun:


dat war d'Monument vum Hary Godefoid am Parc Hary Godefoid zu Rodange.

**D'Gewënner aus der leschter Editioun sinn:**

- **Adèle Schrank vu Péiteng**
- **Jean-Luc Frisch vu Péiteng**
- **Pierre Fourné vu Lamadelaine**

D'Gewënner kënnen, hiert Buch bei de SERVICE CULTURE ET COMMUNICATIONS siche kommen.

Merci fir d'Matmaachen!







**All éischte vum Mount eng nei Emissioun iwwert an aus der Gemeng Péiteng.**

**Ze gesinn op eisem Youtube Kanal, eiser Internetsäit, op all eise SocialMedia Kanäl an esouguer op apartTV.**

www.petange.lu/mediatheque/videos/

Commune de Pétange   commune.de.petange

Gemeng Péiteng - Commune de Pétange


## Nei Mataarbechter



Zënter dem 15. Januar 2025 gehéiert d'Adela Delic zur Ekipp vum Service des Finances vun der Gemeng Péiteng.




Leichte Sprache



# Wie melde ich meinen Hund bei der Gemeinde an?

Wer einen Hund hat, muss ihn bei der Gemeinde anmelden.

Der Besitzer muss zuerst zum Tier-Arzt gehen.



Der Tier-Arzt untersucht den Hund.

Er gibt dem Hunde-Besitzer ein Papier.

Auf dem Papier steht:

- Der Hund ist geimpft und der Hund hat einen Chip bekommen.

Was ist ein Chip?



Der Chip ist etwas wie die Ausweis-Karte des Hundes.

Auf dem Chip steht:

die Nummer vom Hund,
jeder Hund hat eine eigene Nummer,
die Rasse vom Hund,
zum Beispiel Labrador oder Schäferhund,
ob der Hund ein Männchen oder Weibchen ist,
die Farbe vom Hund.

Dann kann der Hunde-Besitzer den Hund bei der Gemeinde anmelden.

Das kann er im Gemeinde-Haus machen.



Es ist das Büro Nummer 2.

Hier füllt der Hunde-Besitzer ein Papier aus.

Auf dem Papier steht:

die Adresse vom Hunde-Besitzer,
die Telefon-Nummer vom Hunde-Besitzer,
der Name vom Hund,
die Infos vom Tier-Arzt.

Der Hunde-Besitzer muss auch eine Haft-Pflicht haben.

Die Haft-Pflicht ist eine Assurance.

Zum Beispiel wenn der Hund etwas kaputt macht.
Dann bezahlt die Assurance, was kaputt ist.

Der Hunde-Besitzer bekommt:

- ein Papier von der Gemeinde.
  Auf dem Papier steht: Der Hund ist angemeldet.
- Eine Medaille von der Gemeinde.
  Auf der Medaille steht eine Nummer.
  Die Nummer zeigt: Der Hund wohnt in der Gemeinde Péiteng.
  Zum Beispiel: Der Hund läuft weg.
  Eine andere Person findet den Hund.
  Die andere Person ruft bei der Gemeinde Péiteng an
  und sagt die Nummer auf der Medaille.
  Die Gemeinde Péiteng weiß, wo der Hund wohnt.

Der Hunde-Besitzer muss auch Steuern bezahlen für den Hund.
Das sind 30 Euro für ein Jahr.
Die Gemeinde schickt dem Hunde-Besitzer die Rechnung.



Manche Hunde stehen auf einer Liste.
Zum Beispiel: Pit Bull.
Man sagt dafür Listen-Hunde.
Der Besitzer muss sich an spezielle Regeln halten.
Er muss eine Formation machen zusammen mit dem Hund.

Sie finden Infos auf der Internet-Seite von der Gemeinde Péiteng:
https://petange.lu/residents/mes-demarches/chiens/
Sie finden auch Infos auf der Internet-Seite Guichet.lu:
https://guichet.public.lu/de/leichte-sprache/vie-publique
/identifier-declarer-chien.html.

KaGePe

Pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

# Venez tous à PETANGE

G.-D. de Luxembourg



## Dimanche, le 30 mars 2025

départ du cortège
14.11 heures

# 68e Cavalcade

GRAND CHAPITEAU CHAUFFÉ
À LA PLACE J.F. KENNEDY

**SAMEDI 29 MARS**
**14h11: BAL POUR ENFANTS**

**DIMANCHE 30 MARS**
**AMBIANCE APRÈS-CAVALCADE**
**YVES DESQUIOTZ & GUY LEPAGE**

Hello
LIVEBAND

TOUS LES DETAILS SUR
www.kagepe.lu



Péitenger Wand Béier,
Edition 2025
powered
by Bofferding!

La MASCOTTE
„LÄMMI"




NAVETTE D'AUTOBUS GRATUITE:
CACTUS BASCHARAGE -
CENTRE DE PÉTANGE

Profitez des transports publics
pour vous rendre à Pétange!
Infos sur: www.mobilitéit.lu


BOFFERDING
De Béier vun hei.

COLLÉ
PREMIUM CARS
www.colle.lu